N°789
Entrée le 27.06.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Gemeinsam Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, a vum Här Sportsminister, Georges Mischo, op d'parlamentaresch Fro n°789 vum 27. Mee 2024 vum honorabelen Députéierten Sven Clement, vum honorabelen Députéierten Marc Goergen an vum honorabelen Députéierten Ben Polidori zum Sujet "Encadrement de l'ING Marathon"**

**Fro 1**

De CGDIS huet dem Organisateur vum 2024er ING-Marathon eng Rechnung fir säin Dispositif de Secours an Héicht vun 21.900 Euro ausgestallt, dëst opgrond vu sengem Taxereglement[1].
D'Gréisst vum Dispositif de secours definéiert de CGDIS unhand vun enger Risikoanalyse. Den Dispositif kann dofir jee no Ëmfang, Lokalitéit an der Spezifizitéit vun enger Manifestatioun variéieren.
Fir de Semi-Marathon de 24. September 2023 zu Réimech krut den Organisateur eng Rechnung an Héicht vun 3.905 Euro.

**Fro 2**

Fir den ING-Marathon effizient ze encadréieren an d'Sécherheet vun de Participants an Zuschauer ze garantéieren, sinn d'Effektiver vun der Police réorganiséiert an erhéicht ginn. Et gouf am Virfeld eng 12-Stonne-Schicht geplangt.
Weder den Effektif, nach d'Organisatioun vun der Police kënnen aus Sécherheetsgrënn am Detail matgedeelt ginn.

**Fro 3**

Jo, op deem Dag ware méi Polizisten an der Stad präsent.

**Fro 4**

Nee, d'Käschte vun der Police goufen net un ING weiderverrechent.

Lëtzebuerg, den 27. Juni 2024
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN

[1] https://112.public.lu/content/dam/112/fr/l%C3%A9gislation/reglement-taxes/rglement-taxes-version-1er-mars-2023.pdf